N°3929
Entrée le 16.04.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.04.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 16. Abrëll 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung weiderzeleeden:

„Duerch en eSanté-Kont kann de Patient sou wéi den Dokter Accès zu senge Patientendate kréien wéi zum Beispill dem Dossier de Soin Partagé (DSP) oder dem digitalen Impfpass. Am Joresrapport 2024 vun der eSanté konnt ee feststellen, datt ëmmer méi Patienten a Gesondheetsberuffler eSanté-Konte benotzen. D'Zuel vun aktivéierten eSanté-Konte war 2024 am Verglach zum viregte Joer 2023 ëm 212 Prozent geklommen. D'Aktivéierung vum Kont geschitt duerch eng éischt Umeldung en ligne. Wann et sech ëm déi éischt Aktivéierung handelt muss den Demandeur ee Code per Courrier geschéckt kréien.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung follgend Froe stellen:

- Wéi laang dauert am Duerchschnëtt den Traitement vun den Ufroe fir en Aktivéierungscode?
- Wéi laang dauert et am Duerchschnëtt bis de Courrier beim Demandeur an der Boîte ukënnt?
- Gedenkt d'Madamm Minister eng alternativ Aktivéierungsmethod anzeféieren déi et erméiglecht dës Delaien ze kierzen? Beispillsweis iwwer d'Messagerie op MyGuichet.
- Wéi vill Persounen hu sech am Joer 2025 een eSanté-Kont ugefrot an aktivéiert?
- Kéint d'Madamm Minister matdeele wéi vill eSanté-Konten insgesamt zënter der Aféierung aktivéiert goufen? Wa méiglech opgeschlësselt no Patientekonten, professionnelle Konten, Lëtzebuerger Residenten an Net-Residenten.
- Wéi eng Sensibiliséierungsaarbecht gouf a gëtt aktuell gefouert fir d'Bevëlkerung mat op de Wee vun den digitale Patientendossieren ze kréien?
- Wat ass fir Patienten, esou wuel wéi fir d'Gesondheetsberuffler de Virdeel vun engem eSanté Kont?"

Mat déiwem Respekt,

Corinne CAHEN
Deputéiert